FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL
association sans but lucratif
F.L.H. · 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN

# Rapport Referees' Commission - 25.06.2025

Present : Courtois, Frieseisen, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Weinzierl

Entschëllegt : Simonelli, Geib, Volz, Weinquin

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 19.05.2025***

2) ***Examen – all Arbitter - RAPPEL***

   *Déi 1. Seance vun den Tester fir d'Saison 2025-2026 ass den 12. Juli 2025 vun 09h30 – 11hh30 um INS*
   - *09h15 Rendez-Vous*
   - *09h30 Laftest*
   - ***10h30 Reegeltest***

   *Als physeschen Test steet dës Saison den 30/15 IFT um Programm. De geneeën Oflaf an d'Krittäre ginn op der Plaz selwer erkläert.*

   *Fir de Reegeltest zielen d'Regelen déi ab den 1. Juli 2025 gëllen*

3) ***Stage August 2025***

   *Den Arbitterstage fir Saison 2025-2026 ass den 23. a 24. August am Park Hotel zu Dum-meldeng. Als EHF-Lekturer kënnt de Beat Nagel aus der Schwäiz.*
   *De Cours geet Samschdes moies um 09h00 un, an dauert bis Sonndes 16h00. De geneeë Programm gëtt nach verschéckt.*

4) ***Internationalen Austausch***

   *Nodeems 2 dänesch Arbitter um Boys' a Girls' Cup zu Diekirch am Asaz waren, hunn och Lëtzebuerger Arbitter hier Interessi gewise fir am September op Turnéier an Dänemark ze päifen.*

5) ***Kleeder fir Arbitter***

   *Nei Kleeder fir all Arbitter sinn ukomm, a sinn de 17. Juni wärend engem schéinen Owend beim Peters Sports verdeelt ginn. Déi Arbitter déi verhënnert ware, kënnen hier Saachen um Büro vun der FLH ewechhuelen.*

6) ***Wat bréngt Zukunft***

   *Fir ze kucke wat Zukunft bréngt a Kloerheet ze schaffen, gëtt eng fräiwëlleg Diskussioun mat all eisen Arbitter ugestrieft. Den Denis Weinquin hëlt sech där Saach un.*

**Nächst RefCom: Mëttwoch de 27. August 2025 um 18h30**

Tél : +352 48 54 74 · mail@flh.lu ▪ www.flh.lu · www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000